



Emweltberodung
Lëtzebuerg a.s.b.l.

EBL-Talk – Suite vun der COP21 fir Lëtzebuerg

Dënschden, 12. Juli 2016 / 18:30 - 21:00

Participant: GIRA Camille (Staatssekretaire MDDI), SPANIER Guy (Schëffleng), SCHMITT Pierre (VDL), SCHWACHTGEN Carlo (Walfer), SCACCHI Carlo (Déifferdeng), KLEIN Max (Reiser), MATHIEU Jos (Suessem), SCHUMMER Martine (Schroeder & Associés), SCHMIT Guillaume (1nergie sa) JUNK Jürgen (LIST), GRÖLL Klaus (Iglux), CHRISTOPHE Georges (privé), LECHES Nils (EBL), WILWERT Michel (EBL), SCHALTZ Aline (EBL)

Zesummefaassung

Wat sinn d'Zieler vum Klimaschutz zu Lëtzebuerg?

- Duerch "Effort Sharing Decision" vun der EU gouf 2009 festgehalten, dass Lëtzebuerg bis d'Joer 2020 **20% vun den CO₂-Emissiounen** (par Rapport zum Joer 2005) muss aspueren. Prognosen no kann dëst Ziel awer net erreicht ginn.
 - ➔ *Effort Sharing Decision* http://ec.europa.eu/clima/policies/effort/index_en.htm
 - ➔ *Country Report: Luxembourg:* http://ec.europa.eu/clima/policies/strategies/progress/reporting/docs/lu_2014_en.pdf
- - 80% CO₂ Emissiounen bis 2050 an der EU (also och vir Lëtzebuerg) (Verglach mam Stand vun 1990)
 - ➔ *CO₂-arme Wirtschaft bis 2050* http://ec.europa.eu/clima/policies/strategies/2050/index_de.htm
- Duerch den "EU 2020 RES target" gouf festgehalten, dass Lëtzebuerg **bis d'Joer 2020 11%** vu sengem Brutoenergieverbrauch aus **erneierbaren Energiequellen** soll bezeien.
 - ➔ *Luxemburger Aktionsplan für erneuerbare Energie (Juli 2010)* <https://www.gouvernement.lu/4301933/plan-action-renouvelable.pdf>
- 2013 gouf den nationalen Aktionsplang zum Klimaschutz publizéiert
 - ➔ http://www.developpement-durable-infrastructures.public.lu/fr/actualites/articles/2013/05/presentation_plan_action_climat/index.html

National Projeten:

- Zieler vun der Reduktioun vun den CO₂-Emissiounen sinn nëmme mat engem **CO₂ Präis** errechbar. Dëse gëtt et a gewësser Weis schon ob EU-Niveau an der Form vum EU ETS (European Union Emissions Trading System). Dëst schléisst awer verschidden Secteuren (Transport, Landwirtschaft, Privat Haushälter, etc.) an aner Treibhausgaser (wéi beispillsweis Methan) aus a léist ëmmer nach eng bestëmmten "gratis" Emissioun zou.

An Zukunft wäerte mer net laanscht eng Versteigerung vun CO₂-Emissiounen kommen dofir soll elo schon regional a lokal gekuckt ginn, wéi een sech ob esou e System am beschten virbereede kann.
- Thema Ernährung → Reduktioun vum Fleeschkonsum a Reduktioun vun der lessensverschwendung. Hei gëtt iwwert konkret Mesuren nogeduercht.

Iddi: Eenheetlech Doggy-Bags fir Restauranten fir op de Problem vun der lessensverschwendung opmierksam ze maachen an konkret ob enger Plaz unzesetzen.

Wou kann eng EBL sech abannen (Iddien):

- Workshop: Wei kann ech Klima-Zieler an Naturschutz-Mesuren a mäin PAP mat afléisse loossen?
- Projet: “responsabelen Ëmgang matt lesswueren” wéi kënne mer d’Verbëtze vun lesswueren verhënneren, Verhalensännerungen erbäiféieren, Notzung vu Reschtiesswueren erméiglechen, iwwerdriwwen Hygieneufoerderungen hannerfroën...
- Praktesch Excursiounen fir Good-Practice-Beispiller kucken ze goen
- Projet: “Bekämpfung vun Energiearmut duerch gezielte Förderungen”. Méiglechkeeten entwéckelen fir d’Weiderféieren vun der neier Aktioun “assistance aux ménages en précarité énergétique” an analyséieren wéi Gemengen hei kënnen aktiv ginn a wéi dëst kéinnt ob aner Beräicher wéi just Haushaltsgeräte kann ausgebaut ginn z.B. Sanéierungen, elektresch Installatiounen, Mobilitéit
- Workshop matt PR Spezialisten: “Wéi vermëtle mer positiv Messagen a Best practice” fir aus der negativer Stëmmung eng Opbrochstëmmung ze maachen an d’Perceptioun fir déi gelonge Projeteën unzeregen.
- Sammlung a Verbreedung vu Good-Practice-Beispiller

Wichtig Iddien beim Klimaschutz:

- **De Klimapakt huet Systematik an eist Handeln a Plange bruecht:** Villes ass och scho virum Klimapakt geschitt, mä net esou flächendeckend a net esou systematesch ewéi dat duerch de Klimapakt geschitt.
- **Kreativitéit, Flexibilitéit an Innovatioun**
“Probleme kann man niemals mit derselben Denkweise lösen, durch die sie entstanden sind.” Albert Einstein
- **Revolutionär Prozess**
Heizou eng interessant Lecture: “This Changes Everything: Capitalism vs. the Climate” vum Naomi Klein
- **Lang-Zäit-Denken** → Décisioune vun haut müssen de Méiglechkeete vun der Welt vu muer ugepasst sinn.
- **Zentral vs. Dezentral an Konkurrenzdenken vs. Coopératioun** (shared economy).
- **Kopéieren ass ausdrécklech erwünscht** → Good-Practice-Beispiller si wichtig fir de Wee ze weisen, maache Loscht ob méi an iwwelegen Skeptiker.
Beispiller sinn de Shared-Space zu Bartreng, d’Renaturéierung vun der Uelzeg zu Schëffleng oder och nach d’ANF-Gebai zu Dikrech
- **Positiv Messagen** motivéieren! E Boykott vun traditionelle Medien, déi d’Welt schlecht duerstellen. Alternativ Weeër fannen, fir positiv Messagen ze verbreeden.
- **Die richteg Sprooch schwätzen.** Hei kann ee vum “Vulgarisateur” ob Franséisch oder “Popularizer” ob Englesch schwätzen. Et geet dorëms eng relativ komplex Matière an eng einfach Sprooch, a Biller, an Zeechnungen oder iwwert aner Moyen un de grouse Public oder eng bestëmmten Zilgrupp ze droen. (Beispiller: D’Ausstellung vun der ANF iwwert de Bësch am centre de découverte de la Forêt zu Burfelt; Infografik “Clever akafen”). Hei muss och der Mixitéit vun der Bevëlkerung an der Sproochwahl Rechnung gedroë ginn.
- **Leit zesumme bréngen.** Engagéiert Leit matt hirer Dynamik zesummebréngen an dës Dynamik förderen. (Beispill: Transition Bewegung)

- **De Mënsch an de Mëttelpunkt stellen.** Zevill oft wa mer iwwer Klimaschutz schwätzen, denke mer iwwer technesch Léisunge no. Et gëllt dobäi de Mensch a säi Verhalen net aus den Aën ze verléieren. Mer sollten dat mënschlecht Verhalen analyséieren an do wou et sënnvoll ass Verhalensännerungen ustoussen
- **Klimaschutz zum gesellschaftlechen Event maachen.** Klimaschutz geschitt a flott Aktiounen lafen, mee all dëst ass net cool, well et eng Mussesaach ass. Klimaschutz a séng Aktiounen muss Leit matrappen, se virwëtzeg maachen a Loscht maachen fir dobäi ze sinn fir d'Welt positiv ze veränneren. Mer müssen eis Aktiounen esou opbauen, datt et "cool" ass fir mattzemaachen an dobäi ze sinn.
- **Motivatioun duerch Aussicht ob méi Comfort.** De Mënsch ännert säi Verhale méchtens nëmmen dann wann en e finanziellen Avantage gesäit oder e Méi u Confort ka kréien. Mer müssen de Bierger vermëttelen, datt eis Ustrengungen fir de Klimaschutz e Méi u Confort bréngen an doniewt oft och nach ka Geld gespuert ginn. (Bsp.: Carscharing)
- **Eegebestëmmung an Eegeninitiativ stärken:** D'Transition-Bewegung weisst datt de Mënsch e Bedarf spiert fir zesammen eppes ze bewegen. De Mënsch ass e Rudeldéier dee säi Rudel am Laf vun der Zäit ëmmer méi verklengert huett an doduerch ufälleg ginn ass bei plötzleche Verännerungen. Mer sollte vermëttelen datt et flott ass, zesumme matt neie Frënn eppes gemeinsam ob d'Been ze stellen. Sozial Kontakter si wertvoll fir jiddereen. Et fënnt ee Leit déi engem hëllefen an duerch Aarbechtsdeelung a Geschirverléinen spuert een Zäit a Geld. Kooperativen kënnen doniewt och nach finanziell Avantage bréngen, duerch Käschterreduktioun bei gemeinsamen Akeef oder duerch Eegeproduktioun.
- **Mobilitéitsbedürfnisser hannerfroën:** De Mënsch ass och e Gewunnechtsdéier a stellt dës Gewunnechten net gäer a Fro. Dofir sollte mer analyséieren wéi de Mënsch sech bewegt, wouhin a firwat. Ob der Basis vun dëser Analyse kann een d'Weichen aanescht stellen. Déi richteg Aarbechtsplazen dohi bréngen wou d'Leit wunnen. Fräzäitangebot plangen datt se net-motoriséiert liicht erreechbar sinn an och mam ëffentlechen Transport kënnen erreecht ginn. Zur kombinéiert Mobilitéit ureegen an d'Avantagen duerstellen. (Bsp: Kampagne "Gesond liewen" vum Klimabündnis). An d'Vakanz matt Carsharing.